Déi neiste Bäitreeg op dësem Site:

News

30.10.2016 A firwat net déi Lëtzebuergesch Nimm fir d'Statiounen?

30 **Oct** *2016*

(comments: 0)

Den Tram kënnt gläich.

Nach sinn d'Nimm vun den Statiounen awer net all bekannt.

Dobäi kéint ee roueg déi lëtzebuergesch Nimm benotzen sou wéi et och um Busreseau am ganze Land gréisstendeels gemaach gëtt:

z.B Stäreplaz amplaz "place de l'étoile"

Paräisser Platz amplaz "place de Paris"

Rout Bréck amplaz "pont rouge" ...

Dat géif kengem wéi doen, et géif eis Sprooch méi visibel maachen am ëffentleche Raum, an méi einfach fir ze léieren.

Read more … 30.10.2016 A firwat net déi Lëtzebuergesch Nimm fir d'Statiounen?

25.10.2016 Ganz gudde Lieserbréif aus dem Wort vum Samschden

25 **Oct** *2016*

http://nee2015.lu/index.php/press.html?file=files/Site/2016/Leserbrief%2022.10.2016.jpg

Read more … 25.10.2016 Ganz gudde Lieserbréif aus dem Wort vum Samschden

19.10.2016 Den aktuelle Staatsbudget mécht eis zu Sklaven vum onbegrenzten Wuesstem

19 **Oct** *2016*

D'Regierung gëtt ëmmer méi Suen aus a mécht d'Land ofhängeg vu weiderem Wuesstem Richtung 1,2 Milliounen-Awunner-Staat. Laangfristeg fonctionnéiert dee System op Käschten vun eise Kanner a vun eiser Liewensqualitéit.

Hei as eisen Artikel iwwert den onkontrolléierten Wuesstem:

http://nee2015.lu/index.php/wee-2050/articles/den-1-millioun-awunnerstaat-heiansdo-ass-manner-mei-74.html

Read more … 19.10.2016 Den aktuelle Staatsbudget mécht eis zu Sklaven vum onbegrenzten Wuesstem

Stellungnahm vun der Staatsbeamtekummer zum neien Nationalitéitegesetz

12 **Oct** *2016*

Eng pertinent Stellungnahm vun der Staatsbeamtekummer zum neien Nationalitéitegesetz.

"La langue luxembourgeoise - une condition essentielle pour l'accès à la nationalité luxembourgeoise"

Hei

Read more … Stellungnahm vun der Staatsbeamtekummer zum neien Nationalitéitegesetz

10.10.2016 75 Joer

10 **Oct** *2016*

(comments: 0)

Haut virun 75 Joer hunn d'Lëtzebuerger an engem groussen Resistenzakt dem däitschen Okkupant an der ganzer Welt gewisen dass si en fräit, eegestännegt an onofhängegt Lëtzebuerg wëllen.

An der "Personenstandsaufnahme" vum 10. Oktober 1941 sinn den Awunner nieft hirem Numm, hirem Beruff asw och nach 3 ganz schwéier Froe gestallt ginn: Zur "Staatsangehörigkeit" zur "Muttersprache" an zur "Volkszugehörigkeit". Obwuel et explizit verbuede war mat "Lëtzebuergesch" ze äntweren, hunn iwwer 90% vun de Leit mat 3-mol Lëtzebuergesch geäntwert. Dëst war en extrem couragéierten Resistenzakt vum ganze Vollek.

D'"Personenstandsaufnahme" war vun de Lëtzebuerger an eng Zort Referendum fir hir Eegestännegkeet a géint d'Besatzung ëmgewandelt ginn.

Read more … 10.10.2016 75 Joer

- « First
- Previous
- 40
- 41
- 42
- 43
- 44
- 45
- 46
- Next
- Last »